**Am Guidissem/Scoutissem[1] ass, schon virun 100 Joër, dat Spirituellt[2] vum B.P. mat integréiert gin.**
**D'LGS versti sech als reliéis pluralistesche[4] Verband mat chrëschtleche Wuerzelen[5].**
**Wat eis verbënnt ass de Guidissem / Scoutissem[1].**
**D LGS wëllen als Jugendmouvement e positiven Bäitrag derzou leeschten de Jonke wichteg Wäerter[6], déi am Guide- a Scoutsgesetz[7] festgehale sinn, mat ob den Wee zë ginn. All Kand, Jonke a Chef bei der LGS soll, am Kader vum Méiglechen, d'Recht hu während de Guiden- a Scoutsaktivitéite, senger eegener Relioun oder philosophescher Richtung nozegoen, positiv spirituell Erfahrungen[8] ze maachen, an a senger Sich no senger Orientéierung ënnerstetzt ginn.**
**Haut bidden LGS eng chrëschtlech, eng muslimesch an eng reflektiv, besënnlech, religionsneutral Ausrichtung un.**

*Baséiert um Text vum 3.Mee 2015, extraordinaire Verbandskongress zu Sandweiler*

***[1] Wou ass Spiritualitéit am Guidissme/Scoutissem?***

D'Spiritualitéit an all senge Formen war fir de BP e wichtegt Element an ass dofir déif am Guidissem a Scoutissem verwuerzelt. Dëse Beräich geet vun der perséinlecher Reflexioun, iwwer roueg Momenter bis hin zum Austausch vu verschiddene philosopheschen oder reliéisen Usiichten.
D'Zil ass et dee Jonken dobäi ze ënnerstëtzen seng perséinlech Usiichte fir sech ze definéieren. De Jonke soll soumat d'Méiglechkeet kréien sech ze orientéieren a sengem Liewen e roude Fuedem ze ginn, fir dat hien engagéiert säin Wee goen kann.

Hëllef fir seng eng Spiritualitéit[2] ze entwéckelen ass d'Guide/Scoutsgesetz[7] dat op dëse internationalen Scoutsprinzipien vum B.P. opbaut:

- Duty to my self:
  Mer léieren eis selwer kennen, uechten eis Gefiller, eise Kierper an eise Geescht an entwecklen eis virun.
- Duty to others:
  Mer entwecklen eng perséinlech Beziehung zum Nächsten, zur Gesellschaft, zur Welt an zur Natur
- Duty to God[3]:
  Mer sichen, entdecken a reflektéieren eis spirituel Wäerter an Iwwerzeegungen, déi eisem Liewe Sënn an eng Richtung ginn.

***[2] Wat ass Spiritualitéit?***

- duerch Erfahrungen a Reflexiounen sichen wat eisem Liewe Sënn an eng Richtung gët
- Wäerter liewen a sech bewosst ginn wou eis Wäerter verankert sinn
- seng perséinlech (philosophesch, respektiv religiéis) Richtung fannen a liewen
- oppe si fir d'Fro no Gott[3] a sech mam Glawen oder den Iwwerzeegunge vun anere Mënschen ausernee setzen an déi respektéieren

***Waat heescht fir den B.P. God[3]?***

[3] Gott: „ God is not some narrow-minded personage, as some people would seem to imagine, but a vast Spirit of Love that overlooks the minor differences of form and creed and denomination and which blesses every [person] who really tries to do his [/her] best, according to his [/her] lights, in His service »
***(Lord Baden Powell in "Rovering to Success")***

[3] „Gott ist nicht irgendeine engstirnige Persönlichkeit, wie sich das einige Leute vorstellen, sondern ein gewaltiger Geist der Liebe, der über den kleinen Unterschieden von Erscheinung, Glaube und Herkunft steht, und der jeden segnet, der wirklich versucht, sein Bestes in Gottes Dienst zu tun, so gut er es eben versteht."

***[4] Waat ass reliéis pluralistesch ?***
Reliéis Pluralistesch ëmschreiwe mir mat:
op fir all Mënsch egal wat seng religiéis oder philosophesch Usichte sinn

***[5] Waat bedeit "mat chrëchtleche Wuerzelen"?***

Eis chrëschtlech Wuerzelen erënneren eis un de Jesus vun Nazareth. Hie ka fir eis e Virbild sinn duerch säi konsequenten Asaz fir d'Nächsteléift zu all Mensch, och zu denen, déi eis net sou sympatesch sin. Mat sengem Liewen stoung hien a fir e Gottesbild, datt de Mënsch befreit, ouni d'Realitéite vum Liewen, wéi Krankheet, Ongerechtegkeet oder Doud, auszeblenden.

***[6] Waat sin Wärter ?***
Beispieler vun Wärter déi LGS ustriewen sin : Weisheet, Güte, Frëndlechkeet, Matgefill, Solidaritéit, Fräiheet, Gerechtegkeet, Léiwt, Demokratie, Hëllefsbereedschaft, Mënscherechter, Verspriechen, Engagement, Toleranz, Respekt, Openheet…….

***[7] Wat ass* Guide- a Scoutsgesetz *?***
*Eng Guide / E Scout ...*
- *... as zouverlässeg*
- *... as éierlech an fair*
- *... as bereed ze hëllefen*
- *... as gutt zu all Mënsch*
- *... mëcht den éischten Schrëtt an setzt sech an vir Gerechtegkeet*
- *... respektéiert d'Liewen an all ségen Formen*
- *... kann nolauschteren an Kritik erdroen*
- *... huet eng positiv Liewesastellung*
- *... ka sech organiséieren an mëcht näischt hallef*
- *... hält sech kierperlech an geeschteg gesond*

***[8] Wat sinn positiv spirituell Erfahrungen?***
Ët sin aktiv Erfahrungen, déi bei all Aktivitéiten erméiglechen datt een sech weiderentweckelt,
durch Staunen, Rou, Meditatioun, Diskussioun, Liesen, Gebiet, Gruppendynamesch Spiller, Feieren an der Gemeinschaft, Engagéieren, Verspriechen, Nodenken, …